



Wie si mir?

De SICONA Sud-Ouest an de SICONA-Centre si Gemengesyndikater fir Naturschutz a Landschaftsfleeg.

Zil ass d' Erhalen vun der eenheemescher Aartevifalt, den natierleche Liewensraim an de Landschaften aus eiser Regioun, awer och d' Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet fir den Naturschutz am Hibleck op eng nohalteg Entwécklung.

Mir bidden:

- Ëmsetzung vu konkrete Aarteschutz- a Biotopschutzprojeten an der oppener Gewan an och am Duerf, z. B. Uleeë vu Weieren, Uleeë vu Blummewisen oder Planze vun Uebstbeem
- Fir Erwuessener: Naturexcursiounen, Uebstbamschnëttcoursen a verschidden Natur-Workshopen
- Fir Kanner a Jugendlecher: Aktivitéiten an der Natur
- Fir eis Membersgemengen: Konzeptioun, Planung an Ëmsetzung vu konkreten Naturschutzprojeten Hëllef bei der Gestaltung vun naturnoen ëffentleche Gréngflächen a beim Aarteschutz un ëffentleche Gebaier; Ënnerstëtzung vun enger nohalteger, regionaler Ernährung an de Maison relais am Kader vum Projet „Natur genéissen“.

Dir kënt matmaachen:

- Andeem Dir en Terrain zur Verfügung stellt fir en Naturschutzprojekt;
- Duerch Bedeelegung un engem Aarteschutzprojekt;
- Duerch naturno Gestaltung vun Ärem Haus a Gaart.

Qui sommes nous?

Le SICONA Sud-Ouest et le SICONA-Centre sont des syndicats intercommunaux pour la conservation de la nature.

Ils ont pour but la conservation de la diversité biologique, des habitats naturels et des paysages dans la région, ainsi que la sensibilisation du public pour la protection de la nature en vue d'un développement durable.

Nous offrons:

- matériel d'information et conseil individuel sur des thèmes de protection de la nature, p.ex. jardins proches de la nature, protection des espèces dans les agglomérations;
- pour adultes: excursions-nature, cours de taille pour arbres fruitiers et divers ateliers-nature;
- pour enfants et adolescents: activités dans la nature;
- pour nos communes membres: conception, planification et mise en oeuvre de projets de protection de la nature, assistance pour l'aménagement de surfaces vertes proches de la nature et la mise en oeuvre de mesures de protection d'espèces sur des bâtiments publics, soutien d'une nutrition soutenable et régionale dans les maisons relais dans le cadre du projet «Natur genéissen».

Vous pouvez participer:

- par la mise à disposition d'un terrain pour un projet de protection de la nature;
- par la participation à un projet de protection d'une espèce menacée;
- par un aménagement écologique des alentours de votre maison.



Kontakt

12, rue de Capellen
L-8393 Olm

www.sicona.lu
administration@sicona.lu

+352 26 30 36 25